



## Commission de la circulation du 24.03.2021

Ufank 20h00

### 1. SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE (RÉUNION VIA MEETING.HELPERKNAPP.LU)

**11/12 membres présents :** Marc BUCHLER, Patrick CINCIS, Rick EDERT, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Gilles KLEIN, Marc HOFFMANN, Serge VAN KAUFENBERGH, Manou PETRY, Laurence GENGLER-VALMORBIDA, Patrick KRAEMER,

**1/12 membres excusés:** Jean-Jacques BUTTEL

**Président de la séance:** José FERNANDES

**Sekretär :** Patrick EVERARD

### 2. BROSCHÛR - MOBILITÉIT AN DER GEMENG HELPERKNAPP

D'Memberen hunn hier Resuméen an Analysen vun den eenzelen Mobilitéitskonzepter virgestallt.

Aus deenen Resuméen gëtt een Tableau / Comparatif erstallt, wou een op een Bléck erkennt wéi een Zerwiss fir déi jeeweileg Situatioun kann an Fro kommen.

Et gouf och festgehale dass den Service vum Bummelbus vill méi no baussen méi misst promovéiert ginn. Vill Awunner wëssen net dass et deen Service gëtt an wéi deen kann genotzt gi.

Vergläichbar Offeren wéi zum Beispill den Flexibus oder den Lëntgen Express fannen an aneren Gemengen scho vill Uklang opgrond vun enger gudder Informatiounskampagne.

Betreffend dem Minibus vun der Gemeng, wollt d'Kommissioun wëssen op et do een schrëftlecht Dokument gëtt wou festgehale ass wien deen dierf ufroen, wéi et mat der Versécherung vum Bus an den Passagéier ausgesäit, an op een deen och fir an d'Ausland dierf benotzen.

### 3. FEEDBACK CHEFFENROT: CF ROI VUN DEN COMMISSIOUNEN


« Les commissions consultatives doivent envoyer le rapport de leur séance endéans un délai de deux semaines au secrétariat communal. Celui-ci transmet le rapport au collège des bourgmestre et échevins et au conseil communal.

Le rapport, approuvé et renvoyé par le secrétariat communal aux membres de la commission, est approuvé par la majorité des membres de la commission lors de la prochaine réunion officielle. Cette approbation peut se faire en personne ou par écrit. »

D'Verkéiserskommissioun stellt op dësem Wee d'Fro fir kennen den approvéeierten Rapport zrëckgeschéckt ze kréien fir en an der nächster Versammlung ze validéieren.

#### **4. PARKMÉIGLECHKEETEN AN DER GEMENG**

Op deenen néien Kräizpunkten vun den RTGR Linnen missten nei Parkméiglechkeeten geschaaf gi, esou wéi zum Beispill zu Tuntange beim Busarrêt.



Eng aner Problematik ass, dass et aktuell keng Reglementatioun betreffend der Notzung vun den öffentlichen Parkplazen gëtt. Vill Parkplazen sinn vun Gefierer blockéiert déi méi laang wéi 48 Stonnen do parken.

D'Verkéierskommissioun freet op dësem Wee, fir kennen een Abléck an daat neit « Règlement de Circulation » ze kréien.

#### **5. STRECK: BROUCH - SËLL (CF, BRÉIF 26/08/2015)**

An der Annexe ass een Bréif vum 26. August 2015 betreffend der Streck Brouch – Saeul. Mir wollten op dësem Wee d'Gemengevertrieder bidden sech nach eng kéier mat der Problematik ze befaassen an sech mat den néidegen Instanzen an Verbindung setzen fir eng Léisung auszeschaffen.

Den Radar huet mat Sécherheet een Impakt op d'Vitesse am Ausgang / Agang vun Brouch, mee ännert näischt un der Problematik dass d'Beem ze no un der Fuebunn stinn an beim geréngsten Fuefeeler, sief et duerch een Malaise, een defekten Pneu, oder een falschen Manoeuver, d'Kollisioun mat engem Bam onvermeidbar ass. Eng Protectioun duerch eng Leitplank ass aus Plazmangel och net méiglech. Zudeem kënnt, dass d'Beem och uewen deelweis ze no un déi schmuel Fuebunn gewuess sinn, esou dass zwee Busser schwiereg laanschteneen kommen.

- Fir déi nächst Versammlung vun der Verkéierskommissioun géifen mir d'Gemengevertrieder bidden eis een Retour ze gi betreffend der Ufro fir op der Kräizung vun der CR115 an der N8 zweschend Reckange an Brouch dräi Beem ze fällen fir eng besser Visibilitéit fir déi Automobilisten déi vum Openthalt kommen an Richtung Miersch ofbéien.

#### **6. VERSCHIDDENES**

- An der Annexe ass een Tableau vun der Auswärtung vun den Radar Pedagogique. Mir wollten d'Gemengevertrieder proposéieren dësen Tableau mat e puer Photoen an enger klenger Beschreiwung vun der Geräter am Buet ze publizéieren.
- D'30er Zonen sinn schon säit längerem duerch déi ganz Gemeng gezeecht an réischt säit kuerzem vum Ministère offiziell geneemegt. Aus deem Grond wier et ubruecht dass vun Gemengesäit eng Ufro gemaach géif gin bei der Police. Duerch eng regelméisseg Präsens kann een den Automobilisten bewusst maachen, dass déi Schëlde déi duerchgestrach waren lo aktiv sinn.
- Betreffend der Sécherheet vun den Foussgänger muss an Zukunfft besser drop geuecht gi, dass am Fall vun engem Chantier, Mesuren ergraff ginn, déi een sécheren Passage garantéieren och während der Zäit wou um Chantier geschafft gëtt. Zu Brouch op der Hauptstrooss, an der Rue du Village an zu Béiwen am Letschert waren an deenen leschten Wochen dacks Situatiounen, wou een Passage um Trottoir net méiglech war an d'Foussgänger iwwert déi net ofgesécherst Strooss hunn missten goen.

Eng Deviatoun vum Foussgängerwee muss onbedéngt an der Installatioun vum Chantier gefuerdert an kontrolléiert ginn.

**Déi nächst Versammlung ass den 5 Mee 2021 um 20h00**

**FIN 22h30**



# HELPERKNAPP

Eng Gemeng mat Aussicht

## COMMISSION DE LA CIRCULATION

REUNION DU:	24/03/2021
-------------	------------

### LISTE DE PRESENCE

GENGLER LAURENCE Présidente	lolvalmo@gmail.com	présent	
FERNANDES JOSE Vice Président	fej@capitalatwork.com	présent	
EVERARD PATRICK Secrétaire	info@immo-center.lu	présent	
BUCHLER MARC	marc54@pt.lu	présent	
BUTTEL JEAN-JACQUES	integra235@yahoo.de		excusé
CINCIS PATRICK	pcincis@yahoo.de	présent	
EDERT RICK	rickstef@pt.lu	présent	
HOFFMANN MARC	marcpetr@pt.lu	présent	
KLEIN GILLES	gilles.klein@education.lu	présent	
KRAEMER PATRICK	pkraemer@pt.lu	présent	
PETRY MANOU	manou.petry@police.etat.lu	présent	
VAN KAUFENBERGH SERGE	sergev@pt.lu	présent	

Lieu	Date	Vitesses moyennes km/h		Nombre total véhicules		Vitesse: 15-50 km/h (%)		Vitesse: 51-70 km/h (%)		Vitesse: +71km/h (%)	
		sens entrant	sens sortant	sens entrant	sens sortant	sens entrant	sens sortant	sens entrant	sens sortant	sens entrant	sens sortant
Boevange dir. Bissen	27.2.20-20.11.20	54	58	301.476	305.363	39,9	26,6	53,5	59,7	6,6	13,7
Boevange dir. Buschdorf	27.2.20-20.11.20	48	54	37.498	34.695	61,6	33,0	36,9	61,0	1,5	6,0
Boevange dir. Grevenknapp	27.2.20-20.11.20	48	51	177.948	174.255	58,4	46,9	39,7	49,7	2,0	3,5
Boevange dir. Useldange	27.2.20-20.11.20	48	51	309.359	351.056	64,3	54,4	34,2	42,7	1,4	2,9
Bour dir. Dondelange (70 km/h)	27.2.20-20.11.20	58	65	673.005	701.856	19,1	7,5	70,3	65,6	10,6	26,9
Bour dir. Roodt	27.2.20-20.11.20	53	55	144.715	142.433	41,5	32,4	48,8	57,2	9,8	10,4
Bour dir. Tuntange (70 km/h)	27.2.20-20.11.20	59	61	577.868	600.046	19,9	20,1	66,6	60,2	13,5	19,7
Brouch dir. Buschdorf	27.2.20-20.11.20	47	49	86.000	95.638	65,0	57,4	33,9	40,5	1,1	2,1
Brouch dir. Mersch	27.2.20-20.11.20	48	55	718.254	814.358	68,6	37,8	29,7	54,5	1,7	7,7
Brouch dir. Openthalt	27.2.20-20.11.20	50	55	103.619	101.755	54,9	35,1	42,5	56,3	2,6	8,6
Brouch dir. Saeul	27.2.20-20.11.20	48	54	653.854	632.099	67,5	37,5	31,4	58,8	1,1	3,6
Buschdorf dir. Boevange	27.2.20-20.11.20	44	48	34.118	39.475	79,2	56,9	20,4	40,8	0,4	2,4
Buschdorf dir. Brouch	27.2.20-20.11.20	47	48	85.970	85.094	65,0	55,6	34,5	43,5	0,5	0,9
Buschdorf dir. Openthalt	27.2.20-20.11.20	48	55	255.384	276.190	58,9	35,3	39,6	57,9	1,4	6,9
Buschdorf dir. Useldange	27.2.20-20.11.20	48	52	214.675	260.635	63,4	46,1	34,6	46,8	2,0	7,1
Grevenknapp dir. Openthalt	27.2.20-20.11.20	45	47	179.761	192.192	80,7	62,3	19,2	37,1	0,1	0,6
Grevenknapp dir. Boevange	27.2.20-20.11.20	53	61	165.415	183.251	41,3	17,7	52,7	66,5	6,0	15,8
Hollenfels dir. Mersch	27.2.20-20.11.20	41	47	60.737	59.200	86,2	65,9	13,8	33,5	0,1	0,6
Hollenfels dir. Tuntange	27.2.20-20.11.20	32	35	57.514	57.321	99,2	96,0	0,9	3,5	0,0	0,6
Tuntange dir. Bour	27.2.20-03.11.20	47	53	592.874	645.068	68,2	41,4	28,8	51,5	2,1	7,1
Tuntange dir. Brouch	27.2.20-20.11.20	51	59	202.550	209.764	51,0	22,8	44,7	62,8	4,3	14,4
Tuntange dir. Greisch	27.2.20-20.11.20	47	51	48.951	40.546	65,1	40,8	32,8	52,8	2,1	6,4
Tuntange dir. Hollenfels	27.2.20-20.11.20	46	53	62.470	55.217	68,5	39,2	29,2	53,2	2,3	7,6
Tuntange dir. Saeul	27.2.20-20.11.20	48	51	435.414	455.135	68,4	51,6	30,1	44,4	1,5	4,0